N°1028
Entrée le 18.07.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 18.07.2024

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 18/07/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Sozialversécherung weiderzeleeden.**

Am Arrêt n°191 huet d'Verwaltungsgericht festgehalen, datt d'Reegelungen bei der Pré-Pensioun, déi een Ënnerscheed maachen tëscht dem Statut vum Salarié an dem Indépendant, net verfassungskonform sinn. Dëst, well se d'Leit mat enger "activité non-salarié" an der Pensioun benodeelegen.

Wéi an engem rezenten Artikel am Journal ugefouert gëtt, informéiert d'Pensiounskeess (CNAP) kengesweegs iwwert dës Entscheedung op hirem Internetsite. Hei liest een nach ëmmer, datt een als Indépendant an der Pré-Pensioun maximal 752,32€ Brutto de Mount dierf verdéngen, well een d'Pensioun soss gestrach kritt:

> https://cnap.public.lu/fr/pensions/pension-vieillesse-anticipee/pension-vieillesse-anticipee.html

Wéi de Journal richteg erkläert, ass et wichteg, datt d'CNAP op hirem Internetsite op dës Gerichtsdecisioun opmierksam géif maachen, fir datt d'Bieger kënnen eng informéiert Decisioun huelen.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Fro stellen:

1. Wäert d'Ministesch bei der CNAP intervenéieren, datt den Site op d'Urteel vum Verwaltungsgericht opmierksam mécht an d'Folgen vun dësem Urteel erkläert? Dëst sou laang bis eng Gesetzesännerung a Kraaft ass?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Deputéierten